Concert Patricia Kaas

Encore des places disponibles

Patricia Kaas – plus en forme que jamais – sera en concert ce samedi à LuxExpo au Kirchberg.

Le concert débutera à 20.30 heures précises, mais les portes s'ouvriront dès 19 heures. Afin de permettre à chaque spectateur de s'installer au mieux et de profiter du service catering sur place, il est expressément demandé à chacun d'être présent au plus tard à 20 heures.

Le parking de la Foire Internationale de Luxembourg sera accessible gratuitement aux spectateurs.

Pour tous les fans de la chanteuse française qui n'ont pas encore de places pour ce concert les organisateurs mettront en vente une centaine de places disponibles le soir du concert à la caisse de l'entrée.

Nei bei den Editions Heinen

„Houchzäits-Jubiläum" um Bichermaart

Wéi nennt een den Houchzäitsdag, wann e véier, néng, 30, 40 oder esouguer 61 Joer bestued ass? A wat schenkt een dem Brautpuer fir esou eng Geleeënheet?

D'Responsabel vun den „Editions Heinen" hu sech d'Méi gemaach, fir all Houchzäits-Jubiläum vun 0 bis 100 Joer zesummenzesichen, opzeschreiwen an ze plastifizéieren. Iwwer d'Recto-Verso-Blat am DIN A4-Format an am Faarfdrock „Houchzäits-Jubiläum" kritt ee wieder Informatiounen im Tel. 23 65 24 42. m.h.

Familjen-Center CPF

Die Bewältigung einer Trennung

Die Bewältigung einer Trennung ist wie das Besteigen eines Berges – nur dass sich die Betroffenen meistens nicht freiwillig ins Tal begeben haben.

Im Kreise einer Gruppe für Frauen entscheiden die Betroffenen sich durch Austausch mit anderen, Selbsterfahrung, Übungen u. ä. auf den Weg zu machen. Diese wöchentliche Gruppe für Frauen in Trennung und Scheidung findet statt ab dem 3. März, jeweils donnerstags von 19.30 bis 22 Uhr im Familjen-Center CPF. Weitere Informationen und Anmeldung (bis zum 28. Februar) beim Familjen-Center CPF, Tel. 47 45 44 oder online www.familjencentercpf.lu

Amicale des opéré(e)s cardiaques

En savoir plus sur la chirurgie cardiaque

Soirée de conférences à Mamer

L'ADOC (Amicale des opéré(e)s cardiaques), soucieuse de mieux faire connaître l'INCCI (Institut national de chirurgie cardiaque et de cardiologie interventionnelle) et les progrès médicaux réalisés dans ce domaine de la chirurgie, avait invité tous les intéressés à assister à une soirée de conférences sur les maladies et opérations cardiaques. Cette soirée s'est déroulée au «Mamer Schlass», siège de l'administration communale de Mamer.

Un public intéressé suivait les explications des Drs Charpentier, Wendt et Jockenhövel. (Photo: Marc Wilwert)

Dans son allocution de bienvenue, le bourgmestre Gilles Roth a rappelé que l'actuel siège de la municipalité, et ce depuis 2002, a appartenu jusqu'en 1830 à la Famille Metz. L'INCCI est connu dans la Grande Région comme un des centres les plus importants dans le domaine de la chirurgie cardiaque.

Après avoir remercié le bourgmestre pour son accueil, le président Jean Metzler fit l'historique de l'Amicale fondée le 13 avril 1996 qui réunit celles et ceux qui ont subi une opération cardiaque. Il rappela que quiconque doit subir une telle opération est toujours très anxieux, d'où l'importance d'avoir une confiance absolue dans les médecins traitants. Savoir que l'on est en de bonnes mains permet de surmonter du moins partiellement cette anxiété que ne peuvent connaître que ceux qui ont subi ou doivent subir une opération cardiaque. Le président souligna la qualité de l'INCCI dont le Luxembourg doit être fier. Avant d'être transféré à l'INCCI la chirurgie cardiaque était logée à la Clinique Ste-Elisabeth et l'Amicale portait le nom de «Amicale des opéré(e)s cardiaques de la Clinique Ste-Elisabeth». Les buts de l'Amicale sont de regrouper les membres, de leur accorder un appui moral et de les conseiller tout en ayant des contacts privilégiés avec le personnel de la clinique et d'autres organisations cardiaques. L'Amicale compte 724 membres. L'INCCI ne fait pas partie du Centre hospitalier, mais est situé dans un bâtiment autonome à côté de ce dernier.

Le Dr Georg Wendt qui tout comme le Dr Khaled Chalabi et le Dr Armand Charpentier est responsable de l'INCCI, dont le directeur est le Dr Beissel, salua l'assemblée au nom du Dr Beissel et présenta l'Institut dont il fit l'historique. L'INCCI a acquis au cours des années une très grande expérience dans le domaine de la chirurgie cardiaque et de très nombreuses opérations ont été réalisées. L'obésité, le tabagisme et l'hypertension arterielle comptent parmi les causes essentielles des maladies cardiaques. De plus en plus de personnes vivent plus longtemps, d'où un nombre plus élevé de patients nécessitant une opération cardiaque. La mini-thoracotomie est l'opération dans laquelle l'INCCI s'est spécialisé. Il ressort de l'exposé du Dr Wendt que de nouvelles techniques sont constamment développées et qu'à long terme le cœur artificiel pourrait en cas de besoin remplacer un cœur malade.

Le Dr Stefan Jockenhövel présenta un exposé sur le «Tissue engineering» et il expliqua comment des organes et des systèmes d'organes pourront être développés. A défaut d'organes greffés l'on pourra dans l'avenir recourir à des valves cardiaques biologiques. Le cœur est une pompe d'une performance incroyable et si l'on additionne les battements d'un cœur l'on arrive à 100.000 par jour, 3.000.000 par mois, etc.

Le Dr Charpentier mit l'accent sur les actualités en chirurgie valvulaire et expliqua les avantages et les inconvénients des valves biologiques et des valves mécaniques, les valves étant les organes permettant de faire circuler le sang convenablement à travers le corps. La plupart des maladies valvulaires sont acquises et peu d'entre elles sont congénitales. Parfois une réparation d'une valve peut se substituer à un remplacement. C'est au médecin et au patient qu'incombe le choix de la valve: mécanique ou biologique. Un suivi à long terme est toujours nécessaire pour éviter les complications même tardives. Le Dr Charpentier précisa qu'une chirurgie mini-invasive était pour demain et que la chirurgie valvulaire endo-vasculaire devrait attendre après-demain.

Un film sur le Laos et l'aide au développement de la Santé (sous la direction du Dr Schneider) dans ce pays fut montré. L'objectif de l'aide est, non seulement celui d'aider par des opérations pratiquées par des médecins luxembourgeois, mais de former des médecins locaux afin que plus tard ceux-ci puissent les remplacer.

Jean Metzler présenta ensuite un ouvrage rédigé par un opéré cardiaque Jean Diseviscourt «Jemand berührte sanft meine Wange…». Cet ouvrage (Imprimerie St-Paul) peut être commandé par virement de 14,80 euros sur le compte CCPL de l'auteur (LU79 1111 0137 2346 0000) ou acheté en librairie. Sur un peu plus d'une centaine de pages, l'auteur décrit comment il a vécu son intervention chirurgicale et si son témoignage est destiné en priorité à ceux qui sont confrontés à une telle opération, il n'en intéressera pas moins tous ceux aiment se tenir au courant dans le domaine médical. Csk

Bridderlech Deelen

Ausbildung für Jugendliche

Integration in das soziale und berufliche Netz

Die Landflucht der Armen, die sich in den Städten eine bessere Zukunft erhoffen, wird im Mali durch die schnelle Ausbreitung der Wüste verursacht und bringt mehrere Probleme mit sich. In Ségou verdoppelte sich die bereits hohe Zahl der Arbeitslosen mit der Ankunft der Landbevölkerung. Viele Familien kämpfen täglich ums Überleben.

Deshalb bietet die Nichtregierungsorganisation „Action Jeunesse Rurale" (AJR) in Ségou eine professionnelle Ausbildung für gefährdete Jugendliche an. Diese Jugendlichen kommen meist aus kinderreichen sowie sozial schwachen Familien und drohen als junge Arbeitslose in Ségou oder Bamako auf der Straße zu enden. Seit 1998 wurden über 80 Jugendliche zu Schreiner, Metallarbeiter oder zur Schneiderin ausgebildet. Das Hauptproblem bleibt die effektive Integration des Jugendlichen in das soziale und berufliche Netz der Gesellschaft.

Anfang 2004 hat eine neue Gruppe von 50 Jugendlichen mit der dreijährigen Ausbildung begonnen. Erstmals lernen sie lesen, schreiben und rechnen. Außerdem werden sie mittels bunter und musikalischer Theatervorführungen sowie Videofilmen auf verschiedene Gefahren wie Alkoholismus, Geschlechtskrankheiten, usw. aufmerksam gemacht. Später greifen die Erzieher diese Probleme in individuellen Gesprächen oder in der Gruppe wieder auf. Nach dieser Grundausbildung erfolgen die Praktika in den verschiedenen Werkstätten.

34 Mädchen und 16 Jungen waren im Juni 2004 dabei, als der vorherigen Gruppe zum erfolgreichen Abschluss ihrer Ausbildung Nähmaschinen und Materialkasten als Startmaterial in einer feierlichen Zeremonie überreicht wurden. Dieses Startmaterial ist ein zusätzlicher Ansporn für die jungen Leute, ihre Praktika gewissenhaft durchzuführen. Vor allem den Mädchen ist dadurch ein guter Anfang als hauptberufliche Schneiderin gesichert.

Sowohl die lokalen als auch die luxemburgischen Nichtregierungsorganisationen, die im selben Gebiet tätig sind, suchen seit einigen Jahren eine engere Zusammenarbeit um den Jugendlichen eine effektive Einbindung in die Gesellschaft bieten zu können.

Diese Projekt wird von Bridderlech Deelen im Rahmen des „Accord-Cadre" mit dem Luxemburger Kooperationsministerium finanziert und kann über das Konto Bridderlech Deelen CCPL IBAN LU74 1111 1261 0097 0000 mit dem Vermerk „Mali/Ségou" unterstützt werden.

In Werkstätten erlernen die Jugendlichen ein Handwerk.

eng KLACK fir eis Sprooch 108

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH – EIS SPROOCH
53a, Glesenerstrooss – L-1631 Lëtzebuerg-Gare
Tel.: 470 612 – Fax: 222 490
E-Mail: friedjan@pt.lu – faberre@pt.lu – lexroth@pt.lu
Cotisatioun/Member: 13 € – CCPL IBAN LU75 1111 0066 4448 0000

Eise Comité an d'Redaktioun:
Claude BACHE, René FABER, Jeanny FRIEDERICH, Pierre-Paul FRIEDERICH, Henri MARBES, Lex ROTH, Roby ZENNER, Pol WILMES a Marvine V.

Nächst Klack (109): 26.3.2004

Photo: M.V.

An dësem Hausblock ass dee Mann op d'Welt komm, deen 1829 dat alleréischt Bichelchen an eiser Sprooch erausginn huet: de Professer Antoine (Tunn) MEYER („e Schréck op de Lëtzebuerger Parnassus"). Kennt dir d'Haus erëm? Et ass d'Nummer 3 an der Dräikinneksgaass (rue Chimay), lénkerhand, wann ee vum Cercle erof an d'Ënneschtgass (rue Notre-Dame) geet. Kuckt iech d'Fassad un: 18. Joerhonnert! Deemno am duebele Sënn en authentesch-historescht Haus, ëm dat sech d'Gemeng Lëtzebuerg an de Staat onbedéngt musse bekëmmeren ... et ass verkaaft, wougéint jo keen eppes huet ... an da weess ee jo ni ... mä et gehéiert nun emol och eiser Geschicht a Kultur. Domat däerf keen egalwat maachen!

„knusperege Knorpel"?

H.M. – Eent vun eisen typeschste Wierder, ass amgaang lues an hannerwänneg „d'Baach eran" ze goen: **kruppseg** … an domat natierlech och geschwënn d'Verb **„kruppsen"** an de Substantiv **„Kruppschank (=Knorpel/cartilage)".**

„Knusper, knusper Knäuschen, wer knuspert an meinem Häuschen?", huet d'Hex am (däitschsproochege) Mäerche gesot … op Lëtzebuergesch wier dat . ower **„kruppseg, kruppseg Knaischen … wie kruppst do u mengem Haischen?" Firwat soll dann elo *geknuspert* ginn?** Ass dat besser? Ass et vill méi genëssg, wann hei un eiser Sprooch gekruppst a geknabbelt gëtt: Schmaacht e kruppsegen Apel net méi, oder eng Knaus, oder eppes kruppseg Gebrodenes …?

D'Ursaach ass bal ëmmer déiselwecht: déi däitschsproocheg Télevisioun an **de sproochleche „Publicitéits-Tsunami".** Et huet, ewéi d'meescht, glat näischt mat „al a vergreezt" ze dinn. Hei dréint et sech, wéi an zeg-Dausende vu Fäll just ëm Sprooch-Lazegkeet, soss näischt. Ass dat wichteg? Wat ass da scho wichteg, gelldir?

Merci, Monseigneur Jean Hengen!

AL. – Iwwer den Här Erzbëschof Jean Hengen ass **vill Guddes** gesot ginn, wéi hie bei säin ieweschte Chef geruff ginn ass. Mat Recht!

Mir kënnten also nëmmen eppes widerhuelen, wann elo hei och nach soll vun deem feine Mann sengen apaarte Qualitéite géng geschriwwe ginn.

Fir eis Sprooch bleift d'Actioun-Lëtzebuergesch dem Här Hengen ower iwwer d'Graf eraus e waarme Merci schëlleg !

Well **„d'Lëtzebuergescht an der Kierch"** der Actioun-Lëtzebuergesch zënter hirem éischten Dag uewe long, hate mir äis beim Här Bëschof Hengen eng Audienz gefrot. Mir hunn se och direkt kritt an nach haut, no 34 Joer, déi sympatheschst Erënnerung un déi Éier. Den Här Bëschof huet deemools an en Tirang vu sengem Bureau gegraff an äis houfreg e Bild vu senger Primiz gewisen: uganks de 40er Joeren, am Krich, zu Roum gemaach … d'Bild mam Neo-Presbyter Jean Hengen: **op Lëtzebuergesch!** Eis Saach stong also gutt.

Vun do un hu mir gewosst, datt den Här Hengen **e grousst Häerz fir eis Sprooch** hätt. Wat zënterhier um Gebitt vum Lëtzebuergeschen an der Kierch geschitt ass, huet de Stempel vum Monseigneur Hengen. Hien ass och spontan Member bei äis ginn, a mir hunn als säi Vertrieder de gudden Här Dechen Arthur Reckinger an eise Comité cooptéiert. De Bëschof-Successeur, Monseigneur Fernand Franck, ass begeeschtert mat op deeselwechte Wee gang, grad ewéi e sëllechen dichteg Mataarbechter vun hinnen zwéin. Dovu kann een sech iwregens Woch fir Woch samschdes un de **lëtzebuergesche Bibeltexter** e Beispill huelen. D'Texter vun de **Psalmen op Lëtzebuergesch** (Raymond Schaack / Felix Molitor) kruten och d'Approbatioun vum Här Hengen, zesumme mam Här Rabinner Emmanuel Bulz.

Datt de Poopst vrun 20 Joer de Lëtzebuerger fir d'éischt an hirer Sprooch e schéinen Ouschterdag gewënscht huet, dat war op enger Receptioun beim frëndleche Patt ganz einfach a mënschlech an d'Rei gemaach ginn; de Monseigneur, deen déi Woch drop op Roum gaang ass, huet eise Wonsch – deen den deemolege Seminarist an haut AL-Comitésmember Claude Bache enregistréiert hat – spontan mat geholl … et huet geklappt!

Mir sinn houfreg drop, **de Monseigneur Jean Hengen, grad ewéi säi Successeur, den Här Bëschof Fernand Franck an deer schéiner Rei vun de Laureate vun eiser Sëlwer-Éiereplack** stoen ze hunn.

„Eises"… 100% -80% -50% -?%

Mir sinn nach ëmmer déckevoll mat den Dausenden Ausdréck amgaang, déi mir fir an e Bichelchen zesummerafen. Kuckt emol, wat iech als däitsch resp. franséisch Iwwersetzung dofir afällt. Maacht eventuell e Saz an deenen dräi Sproochen domat. Nach laang net ëmmer esou „heido", gelldir, ower et kann e sëlleche „Kapp-Training" ginn. Haut hu mir zwar net esouvill Plaz, mä dës puer Dose maachen och Spaass:

(* = méi Bedeitungen)

mielzeg
Mier(Fille-)
Miissi
Miissercher
Millchen
Minnech
Minnewee
Mippchen
Miselchen
Maarkollef
mockeleg
Mod*
Modi
moer
Moff
Mokuch
Mokuchsdag
Maark
Mollong
Momper
Mondspill
monkeg
Monni
moosteg
mordjëss
mouerzen
Mouk
Moul*
Mousträip
Mudder*
muedebëtzeg
Muert
Mull*
Mullebutz
Mummentaart
Mummentréischter
Mupp
muppeg*
moies
muschelen
Muttwëll*
muuschteg
Muuss*
muusseg
näipen
näischt
nammen
Napp*
Neelchen*
Neelchesbam
Neelcheskapp
nees
néits(ch)en
nëmmen
Néngtchen
Nenn
Nësch
nëschelen
netzen*
nieft
niewelaanscht
noeneemaachen
nogoen*
nondikass
Nueschnappecht

EU-Sproche-Gebutteks?

L.R. – D'Europäesch Unioun huet keng „lingua franca". Dat heescht: **d'EU huet keng bestëmmt Sprooch, an deer sech jidferee mat jidferengem verstoen an ënnerhale kann.** Dat ass eng pur praktesch a bal technesch Fro; et huet näischt mat „Iwwersprooch", mat enger besserer oder méi schéiner ze dinn. Mä stellt iech emol d'USA mat op d'mannst 40 verschiddene Sprooche vir, Russland mat sengen 'zeg Republiken ouni Zentralsprooch, de Welt-Loftverkéier mat 50 „Idiomen" a wou keen deen anere versteet … just fir eis Europäesch Unioun kann dat wéi et schéngt egal sinn … mat 25 Länner an zwou Dose Sproochen! **Et däerf nun emol d'Englescht net sinn, basta ...** obschonn déi Sprooch vu ronn 3 Milliarde Mënsche verstan a geschwat gëtt. Eng absolutt Weltsprooch … aus eisem romano-germanesche Kulturraum. Neen, an domat ass d'Causa finita! **Verbruet … an domm.**

Grad well déi Problematik net fréi genuch eescht geholl guf, sëtze mir Europäer haut **sproochlech zimlech mam Kickes an de Brennesselen oder picken openeen.** Fir d'Maltesescht fannen „si" z.B. net genuch Iwwersetzer. Fir dat Lettescht, Litauescht, Estnescht oder Ungarescht (Finno-Ogurescht) asw. mat allen EU-Texter „iwwereneen" ze kréien, dat ass bestëmmet net manner komplizéiert. Vum Zäit-verbëtzelen an der Prezisioun bei Iwwersetzunge wëlle mir mol net extra schwätzen, well do geet jo scho rieds vu **Kuebereien am Iwwersetze vun der EU-Constitutioun,** iwwer déi mir den 10. Juli solle stëmme goen … am **EU-Sprooche-Schilda!**

Well sech a 50 Joer net iwwer eng „lingua franca" fir d'EU eens ass ginn, hu mir dann déi **kannereg Reiwereien iwwer de Sproochgebrauch vun de Presidenzen.** Elo kréie mir Lëtzebuerger ës da bei d'Këscht…net well mir alles wëllten op Lëtzebuergesch maachen, jëmmen neen! … mä well mir, wéi et schéngt, dat Däitscht an eiser Presidenz an de Motzeck stellen. **Eis Frënn vun deer „anerer Säit" sollte vläicht net zevill haart mëfferen, wann et bei de Lëtzebuerger ëm Sprooch geet.** Kee verstännege Mënsch huet eppes géint dem Thomas Mann oder dem Heinrich Böll hirt Däitsch; mir hunn et jo iwregens realistesch an eist Sproochegesetz mat erageholl, mä net als Mussesaach a scho guer **net als „Muttersprache";** och net ze vergiessen, datt do d'Franséischt den Ausstreech gëtt, wann et juristesch drop ukënnt … an dat huet seng Ursaachen! Grad de Lëtzebuerger däerf keen eppes verdenken, datt si **zënter dem 10. Oktober 1941 e bësse kriddeleg** bliwe sinn.

„obent dem grüne Busch"

P.W. – oder „in der Schinkengricht" **Lëtzebuergesch mat enger hessescher Bokemaul!** Aplaz „uewent dem grénge Bësch / an der Schankegriecht" Dir erënnert iech vläicht drun, datt hei ewell méi dacks vun eise Flouer-/Kadasternimm rieds war. Et ass eng laang Gedoldsaarbecht gewiescht, fir déi **ronn 40 000 Nimm** duerchzegoen, dat komplett iwwerflëssegt „Gedäitsch" eraus ze pëtzen an **eise Flouernimm hirt lëtzebuergescht Gesiicht** erëmzeginn.

Ouni déi flott Mataarbecht an d'Begeeschterung vum Här Éierendirekter **Patrice Schonckert** a sengem Successeur, dem Här Direkter **Roger Terrens** hätte mir eise Wonsch kënne vergiessen, d'Flouernimm am Kadaster riicht ze béien; datt den Här **Minister Luc Frieden** senger Verwaltung an äis gudde Mutt fir déi Aarbecht gemaach huet, dat wäert iwwer Generatiounen eraus sympathesch ernimmt ginn!

Hei dann nach en anere Gedanken am selwechten Zesummenhank: Et ginn an engem Stéck **kéipweis nei Lotissementer uechter d'Land** gemaach, fir Haiser, nei Quartieren a Stroossen ze bauen. Liest emol d'Annoncë vun de Steeën, da gesitt dir wéi et vu Flouernimmen nëmmen esou wibbelt. Wat geschitt mat deene Flouernimm? Mä wann si net op iergend eng Fassong versuergt ginn … da ginn si mat **zougebaut!** Et sief dann, datt d'Flouernimm vun enger gewëssen Terrain-Gréisst obligatoresch a reglementaresch musse versuergt ginn. Si gehéieren zu eiser allgemeng kultureller, **historesch-identitärer Ëmwelt!**

Fir den Ament si mir mat **3 „Pilot-Gemengen"** amgaang ze kucken, wéi een déi „konservatoresch" Iddi kënnt an d'Praxis ëmsetzen. Et handelt sech hei ëm d'Gemenge Steesel, Leideleng an elo gläich och Sandweiler. Eis Kontakter sinn absolutt positiv, a mir sinn iwwerzeegt, datt mir iwwer de Syndikat vun de Gemengen (Syvicol) an den „Intérieur" e Resultat kréien, fir dat eis Kandskanner hire Merci hunn!